DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN

DLJ a.s.b.l.
87, route de Thionville
L-2611 | Luxembourg
+352 26 29 32 35
info@dlj.lu | www.dlj.lu

De Service Stratégie vum DLJ informéiert :

Léif Memberen,

Den Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukture gesäit et als eng vun sengen Missiounen, iech eng kompetent a flexibel Organisatiounsberodung op verschiddenen Niveauen an ärer Asbl unzebidden.

Wann Dir Froen hutt, Ënnerstëtzung braucht oder Besoin'en an ärer Asbl oder Jugendstruktur identifizéiert hutt, op déi dir eng adequat Léisung wënscht, dann zéckt net, de Service Stratégie vum DLJ ze kontaktéieren. Mir stinn iech gären zur Säit.

Op der Récksäit fannt dir eisen aktuellen Programm mat Formatiouns- a Berodungsofferen déi mir iech gären "sur mesure" offréieren.

Service Stratégie

Simone Grün
Chargée de direction
Tél : 26 29 32 38
simone.gruen@dlj.lu

Jérôme Mailliet
Responsable Service Stratégie
Tél : 26 29 32 34
jerome.mailliet@dlj.lu

Valérie Ricciardi
Gestionnaire administrative / Graphiste
Tél : 26 29 32 35
valerie.ricciardi@dlj.lu

Programm fir Formatiouns- a Berodungsoffere fir d'Membere vum DLJ

Beschreiwung :
D'Verantwortung vun de Gestionnairen an d'Défi'en, haaptsächlech fir bénévol ASBL'en, déi Jugendstrukturen géréieren, ginn ëmmer méi grouss. Et gëtt ëmmer méi schwiereg, am Bénévolat d'Jugendhaus/de Jugendservice den Ufuerderunge gerecht ze leeden.

Den DLJ ass dofir do, besonnesch déi bénévol Comité'en / Leedungspersounen dobäi z'ënnerstëtzen, firdat déi wäertvoll Form vu Bénévolat an der Gesellschaft erhaale bleiwe kann.

Am Hibléck op d'Formatioune, respektiv d'Berodung ass den DLJ ganz flexibel um Niveau vum Inhalt, mee och vun Zäit a Plaz.

Folgend Sujet'ën kënnen ofgedeckt ginn :

- Besonneschkeeten vum Bénévolat :
  - bénévol Féierung,
  - Zäitmanagement fir Bénévoler (Work-Life-Balance),
  - Aufgabenandeelung inter ASBL / resp. ASBL/DLJ, Fräiwëllegemanagement inter ASBL,
  - Stabiliséierung an Erhaltung vun der ASBL, z.B. Sich no neie bénévole Comitésmemberen
- Personalmanagement, z.B. Jobdescriptions erstellen, Mataarbechter Gespréicher féieren, Recrutement, Licenciementer
- Konzepterstellung fir d'Jugendhaus
- Non-formale Bildung als Haaptmissioun vun der Jugendaarbecht, thematesch Inhalter vun der Jugendaarbecht
- Ëffentlechkeetsaarbecht
- Vernetzungsaarbecht / Kooperatiounen / Partenariater vun der ASBL
- Kollektivvertrag
- Gesetzer, legal Verantwortungen
- Gestioun vun der Struktur (Budget, Personalgestioun,...)

Formateuren / Beroder :

- Personal vum DLJ (Service Stratégie, Service Comptabilité, Service Salaires)
- Extern Formateuren/Beroder méiglech mat Facturatioun (DLJ vermëttelt)

Public cible :

- Gestionnairen / Vertrieder vum Gestionnaire (Bsp. Service Jeunesse)
  - Eenzel ASBL lokal : Comitésmembere mat Féierungsverantwortung (klénge Grupp lokal)
  - 2-3 ASBL'en zesummen op regionalem Niveau : Zesummeschlëss vun ASBL'en (z.B. Noper-Jugendhaiser), klénge Grupp regional
- Eenzel Persoune mat Féierungsverantwortung individuell Formatioun oder Berodung

Kader :
D'Plaz an d'Durée vun der Formatioun, resp. der Berodung gëtt op Wonsch vum Gestionnaire gewielt (am Jugendhaus, an der Gemeng, um DLJ,...)

Participatiouns-Zertifikater ginn ausgestallt vum DLJ